

Rapport d'activité 2023

30
Joer

radio
100,7

Meng Inspiratiounsquell



100komma7.lu

D'Missioun vum Média de service public 100,7

Mir begleede Lëtzebuerg duerch den Dag

Mir informéieren an inspiréieren

De Radio am Déngscht vun der Allgemengheet

De Média de service public 100,7 ass dat ëffentlech-rechtlech Medienhaus zu Lëtzebuerg. D'Zil vun den 100,7-Radioen ass et, déi villfältig Realitéite vun enger Gesellschaft am permanente Wandel ze reflektéieren. Am Aklang mat senger Missioun bitt den MSP 100,7 Noriichten, Aktualitéit aus Kultur a Gesellschaft esou wéi musikalesch an edukativ Ënnerhaltung, mam Zil jiddwerengem aus der Gesellschaft e breeden Zougang zu sengem Programm ze offréieren. De Média de service public 100,7 ass en onofhängegen Etablissement public.

radio 100,7 - Meng Inspiratiounsquell
opus 100,7 - Fill Dech doheem, iwwerall



Chamberwalen

De Maurice Molitor (vir) an de Rick Mertens (hannen) suivéieren d'Walresultater.



Virwuert vum Direkter

En neie Radioprogramm, en neien Internetsite an déi alleréischt Kannerradionuecht: och am Joer vu sengem 30. Gebuertsdag huet de radio 100,7 sech mat frëschem Iddien an innovative Projeten am Dénagscht vum der Allgemengheet weiderentwéckelt.

Zanter dem 24. März 2023 produzéiert de Média de service public 100,7 net nëmme méi de radio 100,7, mee och den opus 100,7, eng Radiostatioun, déi der klassischer Musek dediéiert ass. An enger éischter Phas ass den opus 100,7 e komplett automatiséierte Web-Klassik-Radio, wou d'Musek just duerch d'Noriichten ënnerbrach gétt. An enger zweeter Phas wäert dëse Service inhaltlech mat Animatioun an Informatioun beräichert ginn an technesch och als digitale Radiosender (DAB+) diffuséiert ginn. Wéi beim radio 100,7 ass de Programm staark op Lëtzebuergesch Musek a Museker opgebaut an distinguéiert sech esou vun den internationalen Offere vu Klassikradioen.

Mat der Rentrée sinn déi nei Internetsitten [100komma7.lu](https://www.100komma7.lu) an [opus.radio](https://www.opus.radio) en ligne gaangen. Den MSP 100,7 huet sech esou den Outil ginn, sengem gesetzlechen Optrag nozekommen, seng Radiosoffer och an den digitale Medien ze verlängeren. D'Onlineoffer gouf zanterhier däitlech méi grouss - a Form vun Artikelen, mee och mat enger méi kompletter Mediathék. Am Hannergrond gouf d'Radiotechnik enk mat der Onlinetechnik verbonden. Esou kann am Alldag méi séier a méi effizient geschafft ginn. Scho beim éischte Plange vun engem Bäitrag gétt de Grondstee fir e komplett a performant Archiv geluecht.

Den 19. September 1993 ass den "100,7 - de soziokulturelle radio" op Antenn gaangen, deemools nach mat just engem Nomëttesprogramm. Fir den 30. Gebuertsdag ze feieren, gouf fir d'éischt zanter Laangem eng gréisser Kommunikatiounscampagne lancéiert: "radio 100,7 - Meng Inspiratiounsquell". Am Programm huet de radio 100,7 sech virgeholl méi en direkte Kontakt mat sengen Nolauschterinnen an Nolauschterer ze sichen. Méi Sendunge ginn ausserhalb vun de Studioen op der Plaz produzéiert, an och bei den Theeme kréien déi, déi eis am alldeegleche Liewe beréieren a beschäftegen, méi Plaz. Virun allem an der neier Sendung [Den Hallwer Néng](#), ginn dës zwee Virsätz matenee verbonden.

Ee méi formalen Austausch mam Nolauschterer wäert an Zukunft vum Publikumsrot assuréiert ginn, deem seng Memberen am Dezember 2023 vum Verwaltungsrot ernannt goufen, an deem Ufank 2024 seng éischt Reunioun hat.

Ënner dem Motto "Experimenter, bis d'Eltere schlofen" huet de radio 100,7 de 24. November op seng éischt Kannerradionuecht invitéiert. De Stargaascht vum Owend war "[Den Eppes](#)", eng Geschicht vum Jhemp Hoscheit, déi de Radio vertount huet. Dës Initiativ gehéiert zu den Efforte vum radio 100,7, an der [Kannerkëscht](#), op sengem Internetsite an a senger Smartphone-App Lauschtergeschichte fir Kanner op Lëtzebuergesch unzebidden - well et eeben net ëmmer en Ecran muss sinn.

Den Etablissement public huet den Exercice 2023 mat engem Defizit vun 404 271 Euro ofgeschloss, esou, wéi de Budget et scho virgesinn hat. No engem Iwwerschoss vun 234 812 Euro am Joer 2022, konnt den Defizit aus de Reserve finanzéiert ginn. Dat negatiiv Resultat erkläert sech aus der Kombinatioun vun, engersäits, héijen Investitiounsausgaben an, anerersäits, lafende Käschten, déi duerch d'Inflatioun staark geklomme sinn. De Budget 2024 geet dogéint vun engem Iwwerschoss aus.

Den 20. Juli 2023 huet d'Chamber eestëmmeg d'Finanzierungsgesetz vum MSP 100,7 fir d'Joren 2024 bis 2030 ugeholl. D'Konventioun, déi den MSP 100,7 am März mam Medieminister ënnerschriwwen huet, kann deemno ëmgesat ginn. Fir den MSP 100,7 ass d'Eestëmmegkeet vum Vott vun den Deputéierten en Zeeche vu Vertrauen a seng Aarbecht a gläichzäiteg en Optrag, dem héijen Usproch vun engem Service public all Dag nach e bësse besser gerecht ze ginn.

Un Aarbecht an Engagement huet et 2023 op alle Fall net gefeelt. Nieft all den ernimmte Projeten huet d'Noriicheredaktioun am Superwaljoer zwou Walcampagnen a Walsonndeger equilibréiert a kompetent begleet. Mäi Merci géllt deemno der gesamter Ekipp vum MSP 100,7 fir den Asaz an déi gutt Aarbecht. Ech soe virun allem awer och den Nolauschterinnen an Nolauschterer vum radio 100,7 an dem opus 100,7 villmools Merci fir hiert Vertrauen an hir Trei. Mir wäerten och 2024 alles ginn, fir si beschtméiglech ze ënnerhalen, ze informéieren an duerch den Dag ze begleeden.

Jean-Lou Siweck
Direkter



D'Ënnerschreiw vum der Finanzéierungskonventioun

v. l. n. r.: Jean-Marie Haensel, Yves Stephany, Véronique Faber, Steph Meyers, Jean-Lou Siweck, Xavier Bettel, Josée Hansen, Céline Flammang, Thierry Zeien

Finanzéierungskonventioun 2024-2030

D'Finanzéierung vum Média de service public 100,7 ass fir weider siwe Joer geséichert. Zanter dem Exercice 2015 ass den öffentleche Finanzement vum deemolegen Etablissement de radiodiffusion socioculturelle iwwer pluriannuel Konventiounen mam Staat geregelt. Am Hierscht 2022 sinn d'Verhandlungen tëschent dem MSP 100,7 an dem Staatsministère fir eng drëtt Konventioun ugelaf. No zum Deel intensiven awer konstruktiven Diskussiounen konnt den 31. Mäerz 2023 eng nei Konventioun fir den Zäitraum Ufank 2024 bis Enn 2030 vun der Presidentin vum Verwaltungsrout vum MSP 100,7, der Véronique Faber, an dem Staats- a Medieminister Xavier Bettel ënnerschriwwen ginn.

Et ass déi éischt Konventioun, déi am Kader vum neie Gesetz vum MSP 100,7 verhandelt gouf. Well de Gesamtmontant fir déi éischte Kéier iwwer dem Seuil vu 40 Milliounen Euro läit, gouf och eng éischte Kéier eng Konventioun formal a Form vum engem spezielle Finanzéierungsgesetz dem Vott vun der Chamber ënnerbreet. Den 20. Juli 2023 huet d'Chamber eestëmmeg hiren Accord ginn.

Déi nei Konventioun couvriert siwe Joer an ass déi längste bis elo. Si wäert esou Enn 2030 zäitgläich mat der "Convention portant sur la prestation d'une mission de service public en matière de télévision, radio et activités digitales conclue entre l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg et CLT-UFA et RTL Group" auslafen.

Déi nei Konventioun gesäit eng signifikativ Progressioun vun de finanzielle Mëttele vum MSP 100,7 vir. Fir den Exercice 2024 klëmmt d'Dotatioun vum Staat strukturell ëm 27 Prozent, 2025 ëm weider zwielef Prozent an 2026 ëm véier Prozent. Déi Joren duerno geet d'Dotatioun ëm jeeeweils zwee Prozent an d'Luucht. Och an där neier Konventioun gëtt d'Dotatioun eemol am Joer op d'Inflatioun indexéiert. D'Dotatioun 2024 beleeft sech op 10,7 Milliounen Euro.

Wat den Optrag vum MSP 100,7 ugeet, iwwerhëlt d'Konventioun de Kader, deen am Gesetz vum 12. August 2022 virginn ass a bleift an der Kontinuitéit vun de Konventiounen virdrun. Am Zentrum steet weider en allgemenge Radioprogramm, mat enger staarker Informatiouns- an Noriichtenoffer, Ënnerhaltung sou wéi enger besonnescher Plaz fir d'Kultur an all hiren Dimensiounen.

Et koumen awer och nei Missiounen dobäi. Den MSP 100,7 wäert säin neie Web-Klassik-Radio ausbauen an iwwer DAB+ diffuséieren. No der positiver Experienz mam Podcast [Schlechte Schüler](#), wäert de radio 100,7 eng Radio-Feature-Ekipp opbauen, déi sech op grouss Reportagen an Enquêtë spezialiséiert. Op Basis vun der [Kannerkëscht](#) wäert de radio 100,7 seng Offer fir Kanner ausbauen an eng spezifesch Offer fir Jugendlecher schafen.

A sengem Fonctionnement wäert den MSP 100,7 weider déi héchste Standarden als Referenz huelen. Seng Redaktioun wäert no de Krittäre vum der Journalism Trust Initiative (JTI) evaluéiert ginn. Wat seng Mataarbechter ugeet, wäert den MSP 100,7 an hir Weiterbildung investéieren an hir Paien op Basis vun enger kohärenter Salairesgrille fixéieren.

Ob den MSP 100,7 och eng Offer an enger anerer Sprooch wéi Lëtzebuergesch ubidde wäert, soll am Joer 2026 entscheet ginn. Bis Enn 2025 wäert den MSP 100,7 der Regierung eng Etude virstellen, wou de Besoin, d'Nofro, déi méiglech Offer an de Käschtepunkt vun esou engem Service analyséiert ginn.

opus 100,7: E Web-Klassik-Radio fir Lëtzebuerg

Klassesch Musek ronderëm d'Auer

De 24. Mäerz 2023 huet de Média de service public 100,7 mam opus 100,7 en Internetradio fir klassesch Musek lancéiert ([Aktuelles](#)). Dësen neie Radio spillt 24 Stonnen op 24 a siwen Deeg op siwe klassesch Musek mat engem Accent op der lëtzebuergescher Musekszeen. Ronn ee Véierel vun der Zäit um opus 100,7 gëtt mat Musek aus Lëtzebuerg gefëllt. Sief et mat Musek vu Lëtzebuurger:innen, déi am Grand-Duché oder ausserhalb liewen, auslännesche Museker:innen, déi zu Lëtzebuerg liewen oder och auslännesche Museker:innen, déi net zu Lëtzebuerg liewen, dofir awer eng staark Verbindung mat der lokaler Musekszeen hunn.

Genee esou wéi bei der Musek aus Lëtzebuerg setzt den opus 100,7 säi Fokus och op eng gläichméisseg Geschlechterrepresentatioun. En Zil, dat a villen Deeler an der Welt vun der Klassik besteet, awer dacks nach net der Realitéit entsprécht. Obwuel et eng Ofhängegkeet vun den aktuell produzéierten Opname gëtt, waren 2023 bei 45 Prozent vun alle Stécker, déi um opus 100,7 gespilt goufen, allkéiers Minimum eng Fra an enger prominenter Roll (Komponistin/Solistin/Dirigentin/Member an engem klengen Ensemble). D'Zil ass et dës Zuel no an no ze erhéijen, bis eng Paritéit erreicht ass.

Mat sengem iwwer grouss Strecken netmoderéiertem Programm, erreicht den opus 100,7 an der Moyenne iwwer 3.000 Streams pro Mount. Zil ass et, de Sender no an no weider ze developpéieren an auszubauen. Lauschtere kann een de Web-Klassik-Radio exklusiv online, iwwer de Site www.opus.radio, d'App Radioplayer oder iwwer déi gängeg internetfäeg Radioen. Den opus 100,7 streamt mat der héchst méiglecher MP3-Qualitéit vun 320 Kbit/s.

Niewent dem eegene musikalesche Programm iwwerhëlt den opus 100,7 och Programmelementer vum radio 100,7. Dozou gehéiere sämtlech Emissiounen aus dem Beräich vun der klassescher Musek, genee esou wéi d'Noriichten, d'Meteo an d'Trafic-Info.

The logo for opus 100,7 is displayed in white text on a dark red background. The word 'opus' is written in a large, lowercase, serif font. Below it, the number '100,7' is written in a smaller, uppercase, sans-serif font.

Launch

De Launch vum opus 100,7 gouf um radio 100,7 mat engem Theemendag gefeiert. De ganzen Dag iwwer war déi klassesch Musek thematesch present, sief et mat Bäiträg, Reaktiounen vun Nolauschterer an Nolauschterinnen a verschiddenen Invitéen, wéi dem Komponist Nik Bohnenberger, de Lëtzebuenger Philharmoniker Choul-Won Pyun an Adam Rixer genee esou wéi ganz verschiddene Stëmme aus der Pop- an Jazz-Zeen. De Launch gouf vun der nationaler geschriwwener Press opgegraff, wéi och vum OPUS-Kulturmagazin aus der Groussregioun. Esouwuel op Social-Media wéi och iwwer d'Mailadress moien@100komma7.lu huet de Launch eng ganz Rei positiv Reaktiounen ervirgeruff.

"Merci viir dest Angebot"

"Mir fannen et genial, dass Lëtzebuerg endlech ee reng klassesche Radio-Sender huet - wann och de Moment nëmmen online. Ee ganz grouse Merci fir dëse Projekt!"

"fir d'éischt mol wollt ech lech fir de Start vun Opus 100,7 gratuléieren. Ech si richtig frou, datt et dee Sender lo gëtt."

"Bravo léif Equipe. Ech wënschen dem Opusradio alles Bescht. Ech fannen de Konzept, exklusiv "Klassesch" Musek ze spillen formidabel."


Keen "Punkt lu"...

... mee e "Punkt radio" steet um Enn vun der URL vum opus 100,7 sengem Internetsite. Ënner der Adress www.opus.radio konnt een déi éischt Méint eng provisoresch Säit mat de verschiddene Shows aus der Klassik fannen. Am September 2023 kruten de radio 100,7 an den opus 100,7 nei Internetsitten, déi sech am Opbau gläichen. Domat gëtt net nëmmen ennerstrach, datt déi zwee Radioe matenee Famill sinn, souzesoe Schwësterradioe sinn, mee et ginn och eng Rei nei Méiglechkeeten. D'[Playlist](#) mat alle gespillte Stécker gëtt affichéiert, de Player weist déi Stécker un, déi grad live ze héiere sinn, an op der [Startsäit](#) fënnt een all déi aktuell Theeme ronderëm d'Klassik an déi verschidde Showen an Detailler zum Klassik-Album vun der Woch. An der neier [Mediathék](#) bleiwen déi meescht vun de radio 100,7-Concerten tëschent siwen an 30 Deeg no hirer Diffusioun online. Dëst ass eng nei Offer fir d'Nolauschterer an d'Nolauschterinnen an eng weider Plattform fir déi lëtzebuergesch Klassikzeen kënnen ze promovéieren.



Launch vum opus 100,7 de 24. Mäerz 2023

D'Redaktioun vun der klassescher Musek war um Launchdag Invité beim Pit Walté am Kultur um 5. V. l. n. r.: Marie Schockmel, Marie Trussart, Pit Walté, Christophe Mirkes, Luc Boentges.



Internetsite opus 100,7

Déi nei Websäit vum opus 100,7 ass de selwechten Dag online gaange wéi den 100komma7.lu.

Redaktioun

Superwaljoer 2023

Fir den Newsroom gouf et am Joer 2023 zwee grouss Rendez-vousen: D'Gemengewale vum 11. Juni an d'Chamberwale vum 8. Oktober.

Et war fir d'éischte Kéier an der Nokrichszäit, datt déi zwou Wale an där Reiefolleg esou no hannerenee waren. Um Radio goufen all d'Aktualitéitsformater dofir genotzt, fir de Public beschtméiglech iwwer dee wichtegen demokrateschen Exercice ze informéieren: [Panorama](#), [Presserevue](#), [Invité:e vum Dag](#), [Den Hallwer Néng](#), [Schwéierpunkt vum Dag](#). A par Rapport zu de leschte Chamber- a Gemengewalen hunn dës Kéier och déi digital Kanäl eng nach méi wichteg Roll gespillt. Op béide Walowender an déi Deeg duerno war déi ganz Ekipp fir de Public am Dauerasaz.

Mir hu bei béide Wale och verstärkt d'Geleeënheet genotzt fir dem Public dobaussen ze begéinen a live vum Terrain ze senden an ze berichten. An eiser Moiesendung **De Moien** hu mir während der Campagne fir d'Gemengewalen Debate vun [Dikrech](#), [lechternach](#), [Esch](#) a [Lëtzebuerg-Stad](#) gesent. Fir d'Campagne fir d'Chamberwale hu mir dat [op engem Bauerenhaff vu Knapphouschent](#) gemaach, live [aus dem Stau zu Käerjeng](#), op engem [grousse Chantier fir e Wunnengsbauprojet zu Miersch](#) an [an engem medezineschen Zenter um Potaschbiérg](#).

[Hei fannt Dir all eis Table-rondé vun de Chamberwale.](#)

Den Hallwer Néng

D'Saison 2023/2024 gouf genotzt fir d'Moiesendung **De Moien** weiderzeentwéckelen. Am September gouf d'Format [Den Hallwer Néng](#) lancéiert, mat deem mir - wéi den Numm et seet - um 8:30 Auer mat Interviewgäscht Theeme verdéiwen, déi fir eise Public wichteg sinn. De Motto vum Format ass: "Bei allem, wat een esou mécht, stellt ee sech Froen. Ob um Kaffisdësch, am Auto oder op der Schaff - um hallwer 9 gi mir op d'Sich no Äntwerten. Mat Invitéen, déi aus eegener Erfahrung schwätzen." Och bei dësem neien Interviewformat notze mir d'Geleeënheet fir d'Interviewgäscht net just op de Kierchbiérg an de Studio kommen ze loossen, mee fir eraus bei d'Leit ze goen. Dat neit Format huet sech bei den Zougrëffszuelen op den digitale Kanäl séier zu engem wichtige Pilier vun eiser Offer entwéckelt.



Invité:e vum Dag Spezial

An der Escher Uelzechtstrooss gouf et e Face-à-face mat de Kandidate fir d'Gemengewalen.
v. l. n. r.: Line Wies (déi Lénk), Steve Faltz (LSAP), Georges Mischo (CSV), Meris Sehovic (déi gréng)



Hallwer Néng Live

Och beim Hallwer Néng si mir eraus aus dem Studio a baussen op den Terrain gangen.
Op der Foto: De Schräiner Claude Hermes (lénks) am Interview mam Maurice Molitor zu Miersch

Kultur

Niewent de Baitreeg zu Politik, Wirtschaft a Gesellschaft, mat deenen eis Redaktioun den Nolauschterinnenn an Nolauschterer hëlleft d'Welt an eist Land besser ze verstoen, verrode kulturell Phänomener dacks nach méi iwwer d'Zäit an där mir liewen. Konscht a Kultur prägt eisen Alldag an eist Liewe genee wéi Gesetzer a Bestëmmungen, dofir spillt d'Kultur eng zentral Roll am Programm vum MSP. Fir kënne mat ze schwätzen an och mol ëm den Eck ze denken. De Fokus läit dobäi op der kultureller Aktualitéit zu Lëtzebuerg.

Vum 2. bis den 12. März waren eis cinéphil Journalistinnen a Journalisten um Luxembourg City Film Festival. Bei **Kultur um 5**, an der Kinosemissioun **Grousse Kino** an um Internetsite hu si hir Andréck mam Public gedeelt.

Aner Visiounen a Perspektiven op d'Welt, dat verspricht de Literaturfestival Etonnant Voyageurs zu Saint Malo. D'Valerija Berdi an de Michel Delage hunn Enn Mee international Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller um Festival begéint.

Ee groussen Highlight an der Lëtzebuenger Literaturlandschaft sinn d'Walfer Bicherdeeg. Den 19. November huet de radio 100,7 d'Emissioun **Déi wonnerbar Valibrairie** live vu Walfer iwwerdroen, mat ënner anerem Gespréicher mat alle Gewënner vum Lëtzebuenger Buchpräis.

D'Erzielkonscht stoung 2023 weiderhinn am Fokus vun der Emissiounsserie **RadiOdyssee**, den Auteur Jean Portante huet sech a senger Summer-Serie **Ultima Verba** mat de leschte Wieder vu Schrëftsteller:innen a Museker:inne beschäftigt, an d'Philosophin Nora Schleich huet am September hir Emissioun **Philo am Gespréich** lancéiert.



D'Valibrairie op de Walfer Bicherdeeg 2023

*D'Literaturemissioun **Déi wonnerbar Valibrairie** gouf hees live vun der Plaz diffuséiert. Um Dësch v. l. n. r.: Michel Delage, Vanessa Gubbini, Charlotte Reuter, François Sauber, Valerija Berdi*



Festival Etonnants voyageurs zu Saint-Malo

Den taiwaneesesche Schrëftsteller Syaman Rapongan mam Michel Delage



Philo am Gespréich

*D'Nora Schleich huet am September hir Emissioun **Philo am Gespréich** lancéiert.*

Programm

Fir d'Potenzial vu méiglechen Nolauschterer ze vergréisseren, stoung d'Rentrée vun 2023 am Zeeche vun der Kontinuitéit. Mesurë vun der Saison 22-23 goufe consolidéiert a weiderentwéckelt.

Et gouf dru geschafft, de Programm méi "duerchlauschterbar" ze maachen, an d'Emissiounen op d'Presentateuren ze personaliséieren. Virproduzéiert Bättrëg goufen, wa méiglech, duerch live Interventiounen ersat, Formater goufe geschäerft, a mir hunn un der Mäitise vum Handwerk geschafft.

Déi éischt 100,7-Kannerradionuecht

De 24. November huet de radio 100,7 fir d'éischte Kéier eng **Kannerradionuecht** organiséiert. Dat ass eng Invitatioun u Kanner am Grondschoulalter, fir mam Radio e spannenden, informativen an amüsanten Owend ze verbréngen - an dat ganz ouni Ecran. Dës éischt Editioun ënner dem Motto "Experimenter, bis d'Eltere schlofen" stoung am Zeeche vun der Wëssenschaft an der Technologie. Vu 19 Auer bis Mëtternuecht hu mir live gesent, mat Geschichten, Interviewen, Experimenter, Temoignagen aus Schouklasse a Musek, déi vu Kanner gewünscht gouf. Am Ganzen hate sech iwwer 800 Kanner ugemellt. Zwou Schouklasse aus dem Cycle 4 aus der Schoul am Duerf zu Beetebuerg hunn Interviewe bäigesteiert.

Fir d'Kannerradionuecht huet de radio 100,7 dem Jhemp Hoscheit säi Kannerbuch [Den Eppes](#) vertout. De 24. November gouf dat Lauschterstéck uropgeféiert, zanterhier ass et an der Kannerkëscht op [100komma7.lu](#) ze fannen.


Den offizielle Song vun der Kannerradionuecht 2023 "[Eureka](#)" vum [Nikki Ninja](#) gouf geschriwwen a vertout vun Nicole Bausch a Pol Belardi. D'Illustratiounen fir d'Affiche an d'Brochure fir derbäi si vun der Lynn Cosyn.

Neien Internetsite

Fir de Gewunnechte vum digitale Mediekonsum gerecht ze bleiwen, huet de MSP 100,7 2023 eng nei Web-Plattform entwéckele gelooss. D'Emissiounen an Artikelen vum radio 100,7 an dem Web-Klassik-Radio opus 100,7 sinn zanter dem 9. September op [100komma7.lu](#), respektiv [opus.radio](#) op eng méi benutzerfrëndlech a confortabel Manéier ze fannen.

Déi nei Distributiounsplattform bitt eisem Online-Team méi flexibel Méiglechkeeten, fir de Contenu ze curatéieren, den Interface offréiert méi eng agreabel User-Experienz, an d'Utilisateuren kënnen sech op dee Contenu abonéieren, dee si am meeschten interesséiert.

Déi nei Plattform baséiert op engem CMS (Content Management System), deen an Zukunft weider Innovatiounen wäert erlaben.



Neien Internetsite

De radio 100,7 krut am September en neien a méi modernen Internetsite.

Musek


Eis Kollegen a Kolleegeinnen aus der Museksredaktioun hu sech 2023 nees duerch den Dschungel vun neie Verëffentlechunge gekämpft fir lech déi relevantst Verëffentlechunge vu Pop, Rock, Soul, Metal an Jazz bis zu Hiphop an Ambient ze presentéieren. Wéi all Joers huet eis Kipp sech getraut d'Gemittlechkeet vum Studio ze verlosse fir viru Publikum op Festivalle wéi dem Siren's Call live opzetriede mat spannende Spezial-Emissiounen. Donieft ass d'Museksredaktioun vum radio 100,7 dann och heiansdo selwer e Concert-Booker. Op eisem Air Break Event den 19. August am Kader vun de Congés Annulés hu mir nämlech déi Kéier den Edsun an de Skibi op d'Bün invitéiert.

Musek aus Lëtzebuerg

Musek aus Lëtzebuerg spillt am Programm vum radio 100,7 eng zentral Roll. 16 Prozent vun der (net klassischer) Musek déi mir diffuséieren, staamt vu Kënschtler:innen aus Lëtzebuerg. Donieft couvréiere mir déi national Musekszeen ausféierlech an eisem Kulturmagasinn a Formater wéi dem Song vum Dag oder Album vun der Woch.

Air Check Sessions

Um Enn vum Dag erlieft sech Musek am beschte live. Duerfir hu mir Enn 2023 d'[Air Check Sessions](#) an d'Liewe geruff. All Mount invitéiere mir Kënschtler:innen aus Lëtzebuerg bei eis an de grouse Studio fir eng live Performance. Si spillen eis zwou eege Kompositiounen an ee Cover vun engem aneren Act aus Lëtzebuerg. Dat Ganzt gëtt live iwwerdroen a gefilmt. Bis ewell hunn [Don Piano](#), [Nea Lone](#), [Francis of Delirium](#), [Triana y Luca](#) an de [Veda Bartringer Quartett](#) matgemaach.



Klassik

Niewent dem Lancement vum opus 100,7 huet d'Joer 2023 eng ganz Rei Neierungen am Beräich vun der klassischer Musek mat sech bruecht. Esouwuel personell a strukturell, wéi och um Niveau vum Programm.

Resonanzen: Mat Power an déi nei Saison

Zanter dem September 2023 moderéiert d'Marie Schockmel déi deeglech Emissioun **Resonanzen**, mam Accent op der lëtzebuergescher Aktualitéit aus der klassischer Musek. Vu méindes bis freides, ëmmer tëschent 14:00 a 15:00, transportéiert hatt seng Begeeschterung fir déi klassesch Musek an alles wat domat ze dinn huet.

Och a **Resonanzen** goufen et zanter dem September 2023 eng Rei Ännerungen. Méindes presentéiert d'Klassik-Ekipp e Klassik-Album vun der Woch, dëschdes setzt d'Maria Gutierrez an der Serie **Sequenza: Black Classical Music** de Fokus op Schwaarz Museker:innen, de Joachim Fontaine proposéiert donneschdes a senger Serie **Die Musikalische Hintertreppe** ee méi ongewinnten Zougang zu de Figuren aus der Museksgeschicht a freides presentéiert de Remy Franck seng Favoritten aus enger helle Wull vun neie Releasen um Marché. D'Klangfaarf vu **Resonanzen** entsprécht zanter der nei Saison där vum opus 100,7.


Zanter September 2023 steet **Resonanzen** ausserdeem sonndes um Programm, wou ee Member aus der Klassik-Ekipp mat gemittlecher Musek duerch den Nomëtteg begleet an e puer Sujeten aus der Woch nees opgräift. Am Januar 2023 gouf de Luc Boentges neie Responsabel fir déi klassische Musek beim MSP 100,7. Domat huet hien d'Relève vum Guy Engels iwweholl, deen zanter 2005 um Radio war an am Abrëll 2023 an d'Pensioun goug.

“Fir mech ass Resonanzen net nëmme Radio, mee et passt och zu menger Liewensphilosophie: ëmmer dat Bescht aus Allem maachen an de Moment genéissen. Déi eng Stonn Resonanzen bedeit fir mech einfach puer Liewensenergie - mäi Liblingswuert ass jo ‘Power.’”

Marie Schockmel



Luc Boentges
Responsabel klassesch Musek



Marie Trussart
Redaktioun klassesch Musek



Christophe Mirkes
Redaktioun klassesch Musek

Klassik

Concerten - Vun Neijoerschdag bis Chrëschdag

D'Joer 2023 huet - op d'Live-lwwerdrounge bezunn - mam Neijoerschconcert vun de Wiener Philharmoniker ugefaangen a mam Chrëschtconcert vun de Lëtzebuenger Philharmoniker ënner der Direktioun vum Pierre Cao opgehale. D'Joer war gefëllt mat 81 ganz breetgefächerten Opnamen a Live-Concerten aus Lëtzebuerg. Alles an allem goufen et 13 Live-lwwerdroungen, dorënner néng Stéck aus der Philharmonie an dräi vu Saarbrécken aus, mat der Deutschen Radio Philharmonie. Dës lwwerdroungen aus Däitschland ware méiglech dank der laangjäreger Zesummenaarbecht mam SR2 KulturRadio. Als Member vun der European Broadcasting Union konnt den MSP 100,7 sengen Nolauschterer an Nolauschterinnen eng ganz Panoplie vun internationale Live-Matschnëtter offréieren a gläichzäitig Radiostatiounen aus ganz Europa eegen Opnamen aus Lëtzebuerg proposéieren.

E besonneschen Highlight war d'Live-lwwerdroung vum Michel-Becquet Trombonne-Concours, de 16. Abrëll zu Maarnech am Cube521. Am Kader vum Kleng Maarnicher Festival sinn hei dräi Kandidate géinteneen ugetrueden, déi vun der Lëtzebuenger Militärmusek begleet goufen. Allen dräi hu si missen dat neit Stéck "Fragments" vum Lëtzebuenger Komponist Georges Sadeler interpretéieren.

Mat der Finall vum néngten internationalen Uergelconcours vun Diddeleng war ee weidere musikalesche Wettbewerb prominent am Programm vum MSP 100,7 vertrueden. D'Performance, mat deene sech déi jonk Talenter ënner anerem dem Jurysmember a Lëtzebuenger Organist Paul Breisch presentéiert hunn, war den 18. Oktober um opus 100,7 an um radio 100,7 ze héieren.

Ganzer siwe Concerten aus dem Festival Liszt+ vum Centre des Arts Pluriels zu Ettelbréck (CAPE) huet den MSP 100,7 opgeholl an diffuséiert. Dorënner ware souwuel d'Optrëtter vun de Lëtzebuenger Pianiste Jean Muller, Gary Muller a Maurice Clement, wéi déi vun den international renommierten Artistinne Sophie Pacini a Claire-Marie Le Guay.

Nei Musek an Uropféierungen aus Lëtzebuerg stoung bei der Opnam vun der zéngter Editioun vum Festival Odo Sonoritas zu Stolzebuerg a bei der Live-lwwerdroung vum Concert vun de Lëtzebuenger Philharmoniker beim Festival rainy days am Mëttelpunkt.

Collaboratiounen

Beim REELCD vum Lycée classique de Diekirch a bei der Matinée d'orientatioun vum Athenée de Luxembourg hat den opus 100,7 d'Méiglechkeet, de Beruff vum Museksjournalist interesséierte Schüler:inne virzestellen. Och op der Uni war d'Klassik bei engem moderéierte Gespréichsconcert present, dee Musekschwëschtafter:innen am Kader vun hirer Aarbecht um Lëtzebuenger Musekslexikon organiséiert haten. Am September huet den Orchester Estro Armonico eng nei CD erausbruecht, mat ënner anerem zwou opus 100,7 Live-Opnamen. Am Summer huet d'Marie Trussart d'Militärmusek bei hirer Tournée duerch Éisträich begleet, an de fräie Mataarbechter Remy Franck war Jurysmember beim internationale Kodály-Direktiounsconcours an Ungarn. Als Jurysmember vun den International Classical Music Awards (ICMA) war de radio 100,7 den 21. Abrëll 2023 och beim Gala-Concert zu Wroclaw present. De Video vum Gala-Concert gouf an Tëschenzäit iwwer 1,8 Milliounen Mol gekuckt (Stand 13.02.2024). D'Editioun vun 2022 mat de Lëtzebuenger Philharmoniker ass aktuell bei 1,4 Milliounen Klicks.



International Classical Music Awards 2023

De fräie Mataarbechter vum radio 100,7 Remy Franck (riets) ass Jurysmember vun den ICMA.

Aleedung

D'Joer 2023 war gepräägt vum Lancement vum opus 100,7 – eise Web-Klassik-Radio. De Service Technique huet wichteg Initiativen zur Moderniséierung an Automatiséierung vun eise Sendeprozesser ënnerholl, woubäi de Schwéierpunkt op Innovatioun an Asaz vu virtuellen Technologië louch. Domat war den MSP 100,7 ee vun den éischte Radiosenderen, dee virtuell Maschinne fir d'produktiv Ausstralung vun engem Programm agesat huet.

opus 100,7

Eng vun de wichtigste Leeschtunge vun der Technikerekip war d'Schafe vu Grondlage fir déi automatiséiert Diffusioun vum opus 100,7. Mat geplangten Interaktiounen tëschent dem radio 100,7 an dem opus 100,7 ginn de **Panorama** a verschidde Klassiksendinge wéi z. B. **Resonanzen** parallel op béide Programmer diffuséiert. Déi virtuell Plattform VMWare stellt e robusten an effiziente System zur Verfügung, fir den neie Member vun der MSP 100,7-Famill auszustralen. Dësen Usaz erlaabt eis net nëmmen d'Effizienz vum Betrib ze steigern, mee och eng kontinuierlech a qualitativ héichwäerteg Diffusioun vun eise Programm ze garantéieren.

Den Ament gëtt den opus 100,7 just iwwe Internet verbreet, eng Diffusioun iwwe déi digital Technologie DAB+ hänkt vun der Disponibilitéit vun DAB zu Lëtzebuerg of.

D'Automatiséierung vun der Diffusioun gouf duerch eng enk Zesummenaarbecht tëschent der Technikerekip vum Radio an der Firma David Systems zu München erméiglecht. Intern gouf e sophistiquéierte System fir d'Plangen an d'Steiere vu Produktiouns- a Sendeoffeef entwéckelt, fir eng prezis a flexibel Programméierung ze erméiglechen. Dank dëser Initiativ konnte sech de radio 100,7 an den opus 100,7 als Pionéier am Beräich vun der Radiodiffusioun positionéieren, andeems si modernst Technologien agesat hunn, fir eisen Nolauschterer an Nolauschterinnen en héichwäerteg Erleefnes ze bidden.

Nei Diffusionssoftware

D'Entwécklung geet viru mat enger weiderer gréisserer Verännerung, nämlech dem Wiessel vun eiser Diffusionssoftware vun Zenon Media op DigaSystem vun David Systems. Duerch dës Ëmstellung krute mir eng méi modern a méi flexibel Plattform, déi erweidert Funktiounen fir d'Plangen an d'Gestioun vu Contenu bitt, virun allem am Hëllef op d'Weiderverwärtung am Internet.

Internetsäit

Parallel zu dësen Initiativen huet de Service Technique eng komplett Neigestaltung vun der radio 100,7 Websäit ageleet. D'Zil vun dëser Neigestaltung war et, d'Benutzererfahrung ze moderniséieren an ze verbesseren a gläichzäiteg eng méi intuitiv a méi interaktiv Plattform fir eise Public ze bidden. Duerch gemeinsam Ustregunge mat den Design- an Entwécklungsteams, déi sech vun de Bedierfnisser vun der Branche leede gelooss hunn, ass et eis gelongen, eng innovativ an ästheetesches uspriechend Websäit ze erstellen a gläichzäiteg nei Funktiounen fir eng fléissend Navigatioun an dat einfach Entdecke vu Contenen ze integréieren.



Live Emission

De radio 100,7 ass gutt ekipéiert fir d'Emissionen op Baussenoptrëtter ze iwwerdroen.



Studioopnamen

En Abléck an de Studio 4


30 Joer radio 100,7 Campagne

De radio 100,7 war den 19. September 2023 genee 30 Joer op Antenn. Fir dës Geleeënheet huet den MSP 100,7 eng Kommunikatiounscampagne ronderëm de Gebuertsdag vum Radiosender ëffentlech ausgeschriwwen. No engem interne Selektiounsprozess huet d'Bouneweger Kommunikatiounsagence Concept Factory d'Ausschreiwung gewonnen.

De Radio feiert dee ronne Gebuertsdag net mat engem Event op engem eenzelen Dag, mee iwwer eng Period vun zéng Méint – vu September 2023 bis Juni 2024 verdeelt. Dëst a Form vu Baussenoptrëtter mat Live-Radioemissionen, fir sengem Public esou méi no ze kommen. Fir dës Baussenoptrëtter huet den MSP 100,7 och e Monospace an en Zelt an de Faarwe vum radio 100,7 kaf.

Dat iwwergeuerdent Zil vun der Campagne war et de radio 100,7 als en zougängleche Service-public-Sender ze positionéieren, deen aktiv mat de Leit am Dialog steet a sech op eng Aart a Weis presentéiert, mat där d'Mënschen zu Lëtzebuerg sech identifizéiere kënnen. Am Kader vun der 30-Joer-Campagne vum radio 100,7 gouf sech geziilt op déi Aspekter fokusséiert, déi an de Viraarbechten als bezéiungsstëftend identifizéiert goufen. Et geet drëm d'Relatioun mat den Nolauschterer an Nolauschterinnen weider ze stäerken, den Image vum Radio ze festegen an nei Nolauschterer an Nolauschterinnen ze gewinnen. D'Campagne soll als Opportunitéit genotzt ginn, den Dialog mat de Mënschen zu Lëtzebuerg op verschidde Niveauen a Kanäl opzebauen an d'Identifikatioun mam radio 100,7 ze stäerken. Allgemeng gouf d'Kommunikatioun méi emotional a manner austauschbar.

De Slogan vun der Campagne ass "Meng Inspiratiounsquell". Et goufe sechs verschidde Visueller kreéiert, mat Personagen, déi eis Nolauschterer an Nolauschterinnen am Alldag duerstellen, mat engem Hiwäis op Contenu, dee mir ubidden an der Tagline "All Dag mam 100,7". Iwwer Plakater, Social Media Posts, Videoclips, Abribussen, Bussen, Printannoncen a regionale Publikatioune gëtt de Message dem breede Public während den zéng Méint kommunizéiert.



Ressources Humaines

Mataarbechter:innen

Den MSP 100,7 huet d'Joer 2023 mat 59 feste Mataarbechter:innen ofgeschloss, dovu 44 Prozent Fraen a 56 Prozent Männer. 2022 waren et 57 Mataarbechter:innen.

A Vollzäitplazen (ETP) ausgedréckt ass d'Zuel vu 50,2 op 52 geklommen.

2023 goufen 9 nei Mataarbechter:inne um radio 100,7 agestellt an 8 hunn d'Haus verlooss, dovu sinn der 4 weiderhin als Freelance aktiv an der Musek, kllassescher Musek, Kultur an Animatioun.

E Wiessel gouf et un der Spëtzt vun der Redaktioun fir kllassesch Musek: De Luc Boentges huet am Januar 2023 de Poste vum Responsabele vum Guy Engel iwwerholl, deen an d'Pensioun gaangen ass.

Kompetenzen a Formatioun

Den MSP 100,7 leet grouse Wäert op d'Ausbildung vun der nächster Generatioun vu Journalisten a Journalistinnen. 2023 gouf deen zweete radio-100,7-Volontariat ausgeschriwwen, en zweejäregen Ausbildungsprogramm, dee Praxis an Theorie, Tutorat a formell Formatioun, in-house an international Experienz verbënnt.

Fir déi professionell Defie mat den néidege Kompetenzen unzegoen, investéiert den MSP 100,7 konsequent an d'Weiderbildung vu sengem Personal.

2023 waren et am Schnëtt 10 Formatiounsstonne pro Mataarbechter:in fir Weiderbildungen a Workshoppe mat externen Trainer an de Beräicher Softskills, Management, IT an technesch Kompetenzen. Dobäi kommen nach déi intern Sessiounen.

Fir déi verschidde Beruffer vun engem Medienhaus kennenzelieren, krute 26 jonk Studenten a Studentinnen d'Méiglechkeet e Stage oder e Studentenjob um radio 100,7 ze maachen, dëst an der Noriichterredaktioun, am digitale Service, an der Kultur, an de Museksredaktiounen an an der Animatioun.

Dobäi konnten e puer Schouklasse un enger Visitt vum radio 100,7 an un engem Echange mat de Responsabele vum Haus deelhuele fir hir Froen an Andréck ze deelen.



Sophie Schroeder
Déi éischt Volontärin vum radio 100,7



Michelle Barthel
Eis zweet Volontärin huet am Oktober 2023 beim radio 100,7 ugefaangen.



Jubiläumsfeier
D'radio 100,7-Ekipp huet dem Sender seng 30 Joer gefeiert.



Gouvernance

De MSP 100,7 ass eng onofhängeg ëffentlech-rechtlech Kierperschaft, déi duerch d'Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwer déi elektronesch Medie geschafe gouf an haut vum Gesetz vum 12. August 2022 encadréiert gëtt.

De Verwaltungsrot huet néng Memberen, dorënner sechs, déi onofhängeg sinn, déi representativ fir dat soziaalt a kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg sinn, an dräi Staatsvertrieder:innen.

D'Programmation vum radio 100,7 steet ënner der Responsabilitéit vum Direkter, deen den alldeegleche Betrib vum radio 100,7 féiert.

Den 31. Dezember 2023 war de Verwaltungsrot aus dese Membere zesummegeesat:

- Véronique Faber, *Presidentin*
- Tania Brugnoni
- Fabien Simon (*Staatsvertrieder*)
- Josée Hansen (*Staatsvertriederin*)
- Raphael Kies
- Steph Meyers
- Pierre Reuter
- Thierry Zeien (*Staatsvertrieder*)
- Tom Hermes

Regierungskommissärin: Céline Flammang

Verwaltungsrotssekretärin: Pia Betz, Marielle Sand

Direktioun

Jean-Lou Siweck, *Direkter*

Sekretariat

Patricia Weber, *Responsabel Administratioun*

Redaktioun

Jean-Claude Franck, *Chefredakter*

Pia Opper, *stellvertriedend Chefredakterin*

Musek

Luc Boentges, *Responsabel kllassesch Musek*

Jamie Reinert, *Responsabel net-kllassesch Musek*

Programm

Yves Stephany, *Programmchef*

Technik & IT

Pascal Tesch, *Responsabel vum Service technique*

Chris Simon, *Koordinatioun Technik-Betrib*

Kommunikatioun

Semir Demic, *Responsabel Kommunikatioun*

Ressources Humaines

Richard Thilmány, *Responsabel Ressources Humaines*



Rapport d'activités 2023

Avec des élections communales en juin, suivies d'élections législatives en octobre, l'année 2023 s'annonçait déjà bien remplie pour une radio généraliste. Les équipes du Média de service public 100,7 n'ont pas pour autant freinées leurs ambitions de poursuivre le développement de leur offre au public. L'année du 30e anniversaire du lancement de la radio 100,7 a ainsi vu le lancement d'une deuxième station de radio, l'organisation de la première nuit de la radio pour enfants et la mise en ligne d'une nouvelle plateforme internet.

